LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 3402 vum 7. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**1. Kann de Minister erklären, firwat de Bauerenhaff zu Äischer, trotz de Warnunge vun der Gemeng, iwwert déi lescht Jore verfale konnt?**

De Bauerenhaff zu Äischer befënnt sech am Privatbesëtz a war bis zum 3. Juli 2024 net als patrimoine culturel national klasséiert, esou datt d'Verantwortung fir den Ënnerhalt an d'Erhalen ausschliisslech beim Proprietär louch.

De Kulturministère ass iwwer d'Warnunge vun der Gemeng iwwert de schlechten Zoustand vum Gebai forméiert ginn, mee virum Start an Ofschloss vun der formeller Protektiouns- a Klasséierungsprozedur konnt de Staat net zwangsweis agräifen.

Nom arrêté de classement vum 3. Juli 2024 ass de Bauerenhaff ënner de Regimm vum Denkmalschutzgesetz vum 25. Februar 2022 gefall. Dëst Gesetz schreift eng gestaffelt Prozedur vir, déi de Kulturministère respektéiere muss, ier en aktiv an d'Rechter vum Proprietär agräife kann. Dës Prozedur ëmfaasst notamment eng formell Mise en demeure un de Proprietär, esou wéi d'Méiglechkeet - am Fall vun enger Inaktioun - d'Geriicht ze saiséieren, op Basis vun den Artikelen 38, 39 an 106 vun der genannter Gesetzgebung.

Den Zerfall vum Gebai erkläert sech dofir souwuel duerch déi laangjäreg Inaktioun vum Proprietär an duerch d'Obligatioun vum Kulturministère fir déi gesetzlech virgeschriwwe Schrëtter an Delaien anzehalen, ier Zwangsmoossname konnten ageleet ginn.

**2. Huet de Kulturministère hei an de leschte Jore konkret Schutzmoossnamen ergraff?**
- **Falls jo, wéi eng Moossnahmen a firwat hunn dës net funktionéiert?**
- **Falls nee, firwat huet de Kulturministère net agegraff?**

Esou wéi schonn hei uewen ugedeit, hat de Kulturministère op Grond vun enger Demande de classement, a vun den Informatiounen iwwert de Bauerenhaff zu Äischer eng Protektiounsprozedur an d'Weeër geleet, och fir kënnen, nom Ofschloss vun dëser Prozedur d'Geriicht ze saiséiere fir d'Gebaier ze stabiliséieren. Nieft der interner Prozedur, déi den Institut national pour le patrimoine architectural – INPA no menger Decisioun viru ronn zwee Joer séier konnt ofwéckelen, gouf et dann nach déi um Geriicht.

Dës Prozedur gouf ageleet, nodeems de Proprietär senger Verantwortung fir d'Conservatioun - no Artikel 29 vum uewegenannte Gesetz - net nokomm ass, an dat, trotz enger formeller mise en demeure op Basis vum Artikel 38. Well dës Schrëtter ouni Wierkung bliwwe sinn, huet de Kulturministère d'Geriicht op Basis vun den Artikelen 39 an 106 vum Denkmalschutzgesetz saiséiert, fir d'Gebaier kënnen ze stabiliséieren an e weidere Verfall ze verhënneren.

Op Basis dovunner wäert den INPA elo déi néideg a dringend Aarbechte realiséieren dierfen, déi scho méi laang geplangt sinn. Esou wäert de Rescht vun der Scheier kënne stabiliséiert, an d'Wunnhaus genee ënnert Lupp geholl ginn, fir dann déi Moossnamen z'ergräifen, déi e weidere Verfall verhënneren.

Lëtzebuerg, den 06.02.2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill